Äntwert vun der LSAP op de Questionnaire vun der APEG an der LBSA

1) Wéi setzt dir iech fir eng qualitativ héichwäerteg Kanner - a Jugendbetreiung an, am Kader vun der non-formaler Bildung?

An hirem Wahlprogramm plaidéiert d'LSAP fir e landeswäit Konzept mat eenheetlechen Qualitéitscritèren fir d'Kannerbetreiung, wat dann an enker Zesummenaarbecht mat de Gemengen, den Träger an de Schoulen ëmgesat gëtt. Et geet drëms e gesetzleche Kader ze setzen bannent deem d'Strukturen dann awer e gewësse Spillraum hale sollen, wat di méi konkret Ëmsetzung ugeet.

Mir sinn der Meenung, dass eng gutt Kannerbetreiung méi muss sinn wéi just „Kanner versuergen". Et muss ee sech kloer ginn, wat di Valeuren a Kompetenze sinn, déi een de Kanner well vermëttelen; sech konkret Zieler setzen an eng Strategie entwéckelen fir di Zieler z'erreechen an dann déi néideg Moyen'en mobiliséieren.

Et schéngt kloer, dass et an deem Sënn och eng gewësse Kontroll an Evaluatioun muss ginn.

Wat d'Qualitéitscritèren ugeet, mussen déi méi wäit goen a méi breed gräifen wéi di reng technesch a quantitativ Critèren a Saachen Infrastrukturen oder Personalschlëssel. Mir fannen dass an de läschte Joeren vill Effort'en an der Quantitéit vun de Kannerbetreiungsplazen gemat gouf, an dat goung ze vill oft op Käschten vun der Qualitéit, déi dobäi praktesch vergiess gouf.

Fir d'Zukunft brauche mer och eng Bestandsopnam iwwert d'Besoin'en u Kannerbetreiungsplazen, fir dass een a Rou ka plangen an net nëmmen eng grouss, mee virun allem och eng gutt Kannerbetreiung opbauen kann, déi de Besoin'en entsprécht.

Et schéngt eis evident dass dës Iwwerleeungen an Iddien d'selwecht fir den ëffentlechen a fir de private Beräich musse gëllen, fir Maisons relais, Foyers scolaires, Crèchen an Dagesmammen a -pappen.

2) Wat géift dir un der Formatioun an un de Studien vun de sozioedukative Beruffer (Erzéier, Sozialpädagog) verbesseren?

D'LSAP ass der Meenung, dass d'Formatioun an d'Studien vun de sozioedukative Beruffer a regelméissegen Ofstänn sollten matt de Leit vum Terrain un d'Ufuerderunge vun der Zäit ugepasst ginn. E ganz wichtege Volet schéngt der LSAP an deem Sënn och d'Formation continue ze sinn, wou eng breed an ugepassten Offer sollt bestoen.

Ee Beräich, dee sécherlech seng Plaz misst hunn, ass di praktesch Gestioun vu Konflikter an den Ëmgank mat Verhalensopfällegkeeten.

3) Wéi stellt dir iech gemeinsam Richtlinnen fir eng kohärent Erzéiungspolitik vir (z.B. Zesummenaarbecht Schoul-Maisons relais)?

Fir d'LSAP bezitt sech d'Erzéiung vun de Kanner net nëmmen op formal Bildung, déi vun der Schoul vermëttelt gëtt, mä och op informal Bildung, déi souwuel an der Schoul, wéi och am Alldag vun de Kanner an an de périscolairen Aktivitéite stattfënnt. Well d'Erzéiung also als Ganzt ze gesinn ass, ass et eis wichteg, dass d'Personal vun de Schoulen a vun de Maisons relais gutt zesumme schaffen.

D'Gesetz vun der Reform vun der Grondschoul vun 2009 gesäit vir, dass ab der Rentrée 2013-2014 all Gemeng e Plan d'encadrement périscolaire (PEP) ausschafft, deen d'Zesummenaarbecht tëschent de Schoulen an de Maisons relais, am Kader vun der Schoulorganisatioun definéiert. Dëse PEP hält de genaue Plang fest, wéi eng Aktivitéite vu wiem organiséiert ginn. D'LSAP wëll ofwaarden op de PEP seng Friichten dréit, an wann dat net de Fall wier, ass se bereet Adaptatioune virzehuelen.

4) Zënter 40 Joer sinn d'Carrièren vun Erzéier a Sozialpädagogen kloer ënnerbewäert. Wéi setzt dir iech dofir an, datt dat wat scho säit Joeren versprach gëtt (an zwar eng richteg Aklasséirung vun dëse Carrièren), endlech Realitéit gëtt?

L'LSAP ass der Meenung dass d'Carrière vum Educateur an der Fonction publique där vum Rédacteur muss ugepasst ginn, well béid Carrièren dee selwechten Ofschloss erfuerderen: den diplôme de fin d'études secondaires ou secondaires techniques.

Och d'Carrière vum Educateur gradué muss gläichgestallt gi mat anere Beruffer aus der Fonction publique, déi e Bac+3 erfuerderen. Dës Upassung muss am Kader vun der Reform vum Statut vun der Fonction publique virgeholl ginn.